





1940 ass Lëtzebuerg vun Nazidäitschland besat. D'Lëtzebuerger erliewen Terror a Krich a leiden ënnert dem Naziregime a sengen illegalen an onmënschleche Moossnamen. Resistenzler gi verfollegt a vill vun hinne kommen a Konzentratiounslager, Judde ginn enteegent an duerno a Vernichtungslager bruecht, dausende jonk Fraen a Männer ginn zwangsrekrutéiert, besonnesch fir den Déngscht an der däitscher Arméi. Anerer kollaboréieren dogéint aktiv mam Naziregime.


Den Zweete Weltkrich (1939-1945) ass dee gréisste Konflikt, dee Lëtzebuerg jee erlieft huet. En huet seng Spueren hannerlooss bis an déi haiteg Zäit.



FR
DE
EN
LU




# Den 2 Weltkrich zu Lëtzebuerg




## Gedenkplazen

Et ginn zu Lëtzebuerg iwwer 500 Plazen, wou un den 2. Weltkrich erënnert gëtt. Déi wichtegst sinn op dëser Kaart. Dës Plaze si villfälteg a bestinn aus Monumenter, Muséeën, Kierfechter, Dokumentatiounszenteren a Stolpersteng.



# Den 2 Weltkrich zu Lëtzebuerg






# Inhalt


Virwuert ........ 4-5

1. De Wee an de Krich ........ 6-7

2. Den Iwwerfall ........ 8-9

3. Den totalitäre Staat ........ 10-11

4. D'Rassepolitik ........ 12-13

5. D'Juddeverfolgung ........ 14-15

Kaart vun de wichtegste
Konzentratiouns- a Vernichtungslager ........ 16-17

6. D'Resistenz ........ 18-19

7. D'Zwangsrekrutéierung ........ 20-21

8. Widderstand ........ 22-23

9. D'Befreiung ........ 24-25

10. Eng gedeelte Gesellschaft ........ 26-27

11. Eng Vergaangenheet, déi nach ganz
present ass ........ 28-29


D'Stellung vum Zweete Weltkrich
an der Lëtzebuerger Geschicht ........ 30-31

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

De *Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* versammelt zënter senger Grënnung am Joer 2016 Vertrieder vun de Resistenzler, den Zwangsrekrutéierten an den Affer vun der Shoah an enger kollektiver Missioun. Zënterhier huet sech de *Comité* voll a ganz an d'Organisatioun vun der Commemoratioun vum Zweete Weltkrich investéiert, notamment andeems en de Kontakt mat de Jonke sicht, mam Zil, si fir déi tragesch Evenementer ze sensibiliséieren, déi mëttlerweil méi wéi 80 Joer zeréckleien.

Ech war dofir besonnesch frou, wéi de Comité mat der Ënnerstëtzung vum *Zentrum fir politesch Bildung* un d'Regierung erugetrueden ass, fir zesummen eng Broschür iwwert den Zweete Weltkrich ze realiséieren, déi sech fir d'éischt un déi Jonk riicht, awer och un déi erwuesse Lieserinnen a Lieser. E groussen Deel vun den Zeie vun der éischter Generatioun sinn net méi ënnert eis an et ass dofir eis Flicht, aner Weeër ze fannen, fir d'Erënnerung weider lieweg ze halen. Dës Publikatioun – déi zesummen mat enger Ekipp vu jonken Historiker realiséiert gouf – ass e villverspriechenden Ufank an e staarkt Zeeche vun der Solidaritéit tëscht deenen dräi Communautéiten, déi am *Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* vertruede sinn.

Xavier Bettel, Premierminister



## Dir hutt 15 oder 18 Joer? Oder 25?

Dann hätt Dir Iech virun 80 Joer, wéi vill vun Äre Grouss- oder Urgrousselteren, kéinten a Situatiounen erëmfannen, an deenen Dir hätt missten Decisiounen huelen, déi iwwert Liewen an Doud vun Äre Léifsten entscheet hätten. Dir hätt och kéinten Är Fräiheet verléieren a festgeholl ginn, torturéiert, deportéiert oder ëmbruecht vun de Vertrieder vun der Naziideologie. Firwat? Well Dir Judde gewiescht wäert, well de Führer entscheet hätt, Iech par force an d'Wehrmacht anzeberuffen, well Dir Iech entweeder aktiv oder passiv an der Resistenz engagéiert hätt, géint d'Nazibesatzung. Oder well d'Nazien och déi wollten eliminéieren, déi net an hiert Schema vum ideale Mann oder der idealer Fra gepasst hunn: Zeugen Jehovas, Homosexueller, Roma a Sinti oder aner sougenannten Asozialer. An dëser Broschür gitt Dir och gewuer, dass et eng net onweesentlech Zuel vu Lëtzebuerger gouf, déi entscheet haten, fir mat den Nazien ze kollaboréieren.

Liest dës Broschür, kuckt se duerch mat Äre Kolleegen, Ären Enseignanten, Ärer Famill! Sicht zousäzlech Informatiounen, gitt Plaze kucken, wou dem Geschéie vun deemools geduecht gëtt. Erënnert Iech un de Saz vum Elie Wiesel: „For the dead and the living, we must bear witness."

Jo, et ass wichteg, dass Fraen a Männer haut an engem géigesäitege Respekt kënne liewen, sou wéi an engem Klima vum friddleche Matenaner, an deem Haassparolen definitiv keng Plaz méi hunn. Loosst Iech Courage maache vun deem, wat de Bob Sheppard, en Iwwerliewende vun de Konzentratiounslager, scho viru 50 Joer un d'Lëtzebuerger Jugend geschriwwen huet:

„Wësst, dass är Pappen sech vun hirer Flicht, déi si aus ganzem Häerzen erfëllt hunn, weder Belounung, nach Triumph, nach Éier erwaarden. Wësst, dass dat Leed, wat si erlieft hunn, hinnen einfach e bësse méi wéi villen aneren d'Aen opgemaach huet, fir d'Schwächten an d'Stäerkte vun de Mënschen a wann hire Bléck sech heiansdo am Ongeféiere verléiert, da well si Saachen erëm gesinn, vun deenen si net wëllen, dass dir se gesitt, nimools, net dir selwer, net är Léifsten, net déi, déi iech nokommen, net déi Vëlker, déi ëm iech sinn.

Wësst, dass aus dem Leide Versteesdemech entstanen ass, aus Haass Guttheet. Si wëllen an aller Bescheidenheet Zeie sinn vun deem wat een an dëser Welt, déi esou schéi si kann, ni méi erliewe wëll. Denkt dorunner, Jonker vu Lëtzebuerg, déi dëst Buch wäerte liesen. Denkt och dorunner, dass d'Wichtegkeet vun engem Land a säi Wäert net gemooss ginn un de Meter Carré, déi seng Fläch ausmaachen, un der Zuel vu sengen Awunner, un dem Gewiicht vun enger Industrie, a scho guer net un der Reputatioun vun deem engen oder anere Mënsch, mee un der Haltung vun all senge Kanner a schwéieren Zäiten."[1]

Guy Dockendorf, President
Claude Wolf, Vizepresidentin
Josy Lorent, Vizepresident

[1] R. Sheppard, President vum Comité International de Mauthausen, Matricule 35.174, in: *LETZEBURGER ZU MAUTHAUSEN*, erausgi vun der Amicale de Mauthausen (Lëtzebuerg, 1970), S. 6.

# 1. De Wee an de Krich



Den Depart vum historesche Cortège bei de Feierlechkeete fir den honnertste Gebuertsdag vun der Onofhängegkeet.

## Wat ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg virum Krich?

**1929** rutscht d'Welt an eng vun deene schlëmmste wirtschaftleche Krise vun der Geschicht. Och Lëtzebuerg gëtt net verschount. Hei, wéi bal iwwerall an Europa, fäerte vill Bierger, dass Friemer hinnen hir Aarbecht kéinten ewechhuelen, ënner anerem d'Judden, déi vun **1933** un aus Däitschland fort mussen. D'Nazien, déi dovunner ausginn, dass Lëtzebuerg e verluerenen Deel vun Däitschland ass, maachen de Lëtzebuerger och Suergen. Vill fuerderen d'Protektioun vun engem staarke Staat. Am Géigesaz zu deem, wat an anere Länner geschitt, entscheet sech Lëtzebuerg net fir en diktatoresche Regime, mee decidéiert sech **1937** fir eng grouss Koalitioun, an där all déi grouss Parteie vertruede sinn, mat Ausnam vun de Kommunisten. **1939** organiséiert dës Regierung d'Feierlechkeete fir den honnertste Gebuertsdag vun der Onofhängegkeet. Dat gëtt de Lëtzebuerger eng Geleeënheet, fir hir Verbonnenheet mam Land ze weisen. Virum Krich zielt Lëtzebuerg ongeféier 290.000 Awunner.






## Wie sinn d'Nazien a wat wëlle se?

*D' Nationalsozialistische Deutsche Arbeiterpartei* (NSDAP) entsteet nom éischte Weltkrich an engem Däitschland, dat no der Kapitulatioun ruinéiert an erniddregt ass. Hir Memberen, d'Nazien, sinn iwwerzeegt, dass déi Däitsch als „Herrenrasse" deenen aneren iwwerleeë sinn, mee dass se verroden a geschwächt goufe vun den Demokraten, de Sozialisten, de Kommunisten an de Judden. Soubal den Adolf Hitler **1933** un d'Muecht kënnt, ginn all dës Leit verfollegt. D'Nazie wëlle Liewensraum erueweren, fir aus dem Drëtte Räich eng Groussmuecht ze maachen, déi all Mënsche mat „däitschem Blutt" géif vereenegen, ënner anerem Éistraicher, Däitscher aus Tschechien oder Polen, mee och Lëtzebuerger. Den 1. September **1939** iwwerfält Däitschland Polen. Frankräich a Groussbritannien erklären Däitschland doropshin de Krich. Et ass den Ufank vum Zweete Weltkrich an Europa.




Fotoe vum Reichsparteitag zu Nürnberg am Joer 1933.



**D'Gertrud Schloss,**

**d'Meedche vun engem jiddeschen Industriellen, gëtt 1899 zu Tréier gebuer. Si trëtt ganz jonk an déi sozial-demokratesch Partei (SPD) an. Nodeems si hiren Dokter an der Ekonomie gemaach huet, gëtt si Journalistin a Schrëftstellerin. An hire Schrëfte betount si hire Pazifismus, hire Feminismus, schwätzt fräi vun hirer Homosexualitéit a kritiséiert d'Nazien. Wéi dem Hitler seng Partei un d'Muecht kënnt, muss d'Gertrud Schloss sech verstoppen. Dono geléngt et hir mat hirer Famill op Lëtzebuerg ze kommen. An den 1930er Joren hëlt d'Land Honnerte jiddesch Flüchtlingen op. Virum däitschen Iwwerfall sinn et der ongeféier 2.000. De 16. Oktober 1941 sinn d'Gertrud an hir Famill Deel vum éischte Convoi, deen déi jiddesch Deportéiert aus Lëtzebuerg an d'Ghettoen an d'Vernichtungslager bréngt. E puer Méint méi spéit gëtt si am Vernichtungslager Kulmhof (Chełmno) am besate Polen ëmbruecht.**

**D'Drëtt Räich –** De Begrëff „Räich" bezeechent bis 1945 den däitsche Staat. Dat Hellegt Réimescht Räich, dat am Mëttelalter entstanen ass, war dat Éischt Räich, dat am Joer 1871 gegrënnten Däitschland dat Zweet. D'„Drëtt Räich" ass den Numm, mat deem den Naziregime bezeechent gouf, den totalitäre Staat, deen no der Muechtergräifung vum Adolf Hitler am Januar 1933 entsteet an den 8. Mee 1945 no der bedéngungsloser Kapitulatioun vun Däitschland verschwënnt.



Déi däitsch Truppen iwwerfale Lëtzebuerg am Mee 1940.

# 2. Den Iwwerfall

## Wat ass d'Schicksal vum besate Lëtzebuerg?

Vum **10. Mee 1940** u gräift Däitschland Frankräich a Groussbritannien un. Dee selwechte Moment iwwerfalen däitsch Truppen Holland, d'Belsch a Lëtzebuerg, obwuel dës dräi Länner neutral sinn. Ëm déi 90.000 Lëtzebuerger ginn an den Norde vum Land, sou wéi an de Süde vu Frankräich, evakuéiert. D'Groussherzogin an d'Regierung verloossen d'Land a bilden eng Exilregierung. Nodeems si Lëtzebuerg iwwerstierzt verlooss hunn, ass de Staat ouni Leedung. D'Deputéierter an der Chamber stëmme fir d'Schafe vun enger Verwaltungskommissioun. No der Nidderlag vu Frankräich ass dës Kommissioun bereet, mat Däitschland ze kollaboréieren, ënnert der Bedéngung, dass d'Besatzer d'Onofhängegkeet vum Grand-Duché unerkennen. Déi Däitsch refuséieren. Si fannen, dass Lëtzebuerg en Deel vun Däitschland soll ginn. Wärenddeem engagéiert sech d'Exilregierung un der Säit vun den Alliéierten.



D'Verwaltungskommissioun poséiert fir d'Wochenzeitung A-Z. Vu lénks no riets: Louis Simmer, Jean Metzdorff, Albert Wehrer, Mathias Pütz, Joseph Carmes, 1940.

**Verwaltungskommissioun –** D'Verwaltungskommissioun gëtt den 11. Mee 1940 gegrënnt. Et ass eng „de-facto Regierung", dat heescht eng Regierung, déi, als Äntwert op eng Krisesituatioun, ausserhalb vun de gängege Reegele geschaf gëtt. De Gustav Simon gebraucht se, fir seng Uerderen un d'Lëtzebuerger Verwaltungen ze ginn. Am Oktober 1940 huelen déi Däitsch den Albert Wehrer, de Präsident vun der Kommissioun, fest. Enn Dezember 1940 schafen si d'Kommissioun of. De Gauleiter brauch se net méi, hien ass elo deen, deen decidéiert.



## Wéi schafen déi Däitsch d'Lëtzebuerger Onofhängegkeet of?

Den Adolf Hitler beoptraagt de Gauleiter Gustav Simon mat der Missioun, fir aus Lëtzebuerg en Deel vun Däitschland ze maachen. „Gauleiter" ass den offiziellen Titel fir e regionale Responsabele vun der nationalsozialistescher Partei – de Begrëff „Gau" bezeechent eng Regioun. De Gustav Simon ass de Chef vun der nationalsozialistescher Partei am Gau Koblenz-Tréier, dee just un der Grenz vum Grand-Duché läit. Den **21. Juli 1940** gëtt hien zum *Chef der Zivilverwaltung* (CdZ) zu Lëtzebuerg ernannt. De Simon iwwerhëlt d'Kontroll vun de Verwaltungen. Hie behält de gréissten Deel vun de Lëtzebuerger Beamten, mee besetzt all déi wichteg Poste mat Däitschen. Dono schaaft hien alles of, wat Lëtzebuerg zu engem onofhängege Staat mécht: säi Fändel, säi Parlament an d'Fräiwëllegekompanie. D'Schicksal vu senge 463 Zaldote seet vill iwwert dës schwéier Zäit aus. Lëtzebuerg gëtt esou en Deel vun deem neie „Gau Moselland".



E leschte Kuss virum gezwongenen Depart vun der Fräiwëllegekompanie an Däitschland, Dezember 1940.



Déi Evakuéiert aus dem Süde vum Land op der Stater Gare, Mee 1940.



### Den Eugène Weiss

**huet grad seng 18 Joer gefeiert, wéi de Krich a seng Heemechtsstad Déifferdeng kënnt. Agekesselt tëscht de Fronten an ouni Uweisungen verstoppt sech d'Bevëlkerung an de Minnen. Déi Däitsch an d'Verwaltungskommissioun evakuéieren si dono op Ënsber am Éislek. Den Eugène beschreift all dat a sengem Tagebuch. Hie léiert déi däitsch Zaldote kennen, déi op hie jonk a vu sech iwwerzeegt wierken. Hien entdeckt och den Norde vum Land, deen hie bis dohinner net gutt kannt huet. Dacks ass hien erstaunt iwwert d'Liewensweise vun enger Bevëlkerung, déi méi ländlech a kathoulesch ass wéi déi aus dem Süden. Wéi si am Juni 1940 zeréck op Déifferdeng kommen, fannen hien a seng Famill hiert Haus komplett zerstéiert vir. Zwee Joer méi spéit gëtt den Eugène zwangsrekrutéiert; hien desertéiert, mee gëtt festgeholl. Den 30. Januar 1945 gëtt hien am Prisong vu Sonnenburg (Słońsk) erschoss.**

**D'Fräiwëllegekompanie –** Virum Iwwerfall ass Lëtzebuerg en neutraalt Land. Et gëtt trotzdeem eng kleng bewaffent Trupp, d'Fräiwëllegekompanie. Nodeems de Lëtzebuerger Staat ofgeschaaft ginn ass, integréiert de Besatzer se a seng eege Police. 264 vun de 463 Zaldote mussen um Enn an de Prisong oder an d'Konzentratiounslager, well si sech den Uerdere vun den Däitsche widdersat hunn. 77 stierwen a Gefaangenschaft a wärend de militäreschen Operatiounen. 14 anerer schléissen sech am Juni 1942 der Reserve-Polizeibataillon 101 un. Dës däitsch Unitéit erschéisst am Kader vun der Shoah 38.000 Judden am besate Polen a schéckt 45.000 anerer an d'Vernichtungslager.




Propaganda Affiche vum VdB.

# 3. Den totalitäre Staat



## Wéi gesäit d'alldeeglecht Liewen an engem totalitäre Staat aus?

De Gauleiter Simon ass de Vertrieder vun engem totalitäre Staat, dat heescht engem Staat, dee senge Bierger keng Fräiheet léisst an all Aspekter vun hirem Liewen iwwerwaacht. Hie verlaangt vun de Lëtzebuerger, dass si sech voll a ganz an d'nationalsozialistesch „Volksgemeinschaft" integréieren; dass si den Hitlergrouss maachen, un de Feiere vum Regime deelhuelen, Member gi vun der Volksdeutsche Bewegung (VdB) a vun den nationalsozialisteschen Organisatiounen, asw. Wann een sech widdersetzt, da riskéiert een seng Aarbechtsplaz ze verléieren, an Däitschland ëmgesidelt ze ginn oder, fir déi Jonk, keng Studien däerfen ze maachen. Widderspriechen oder sech wieren, dat heescht de Risiko agoen, fir der Gestapo an d'Gräpp ze geroden. Wärend der Besatzung kommen ëm déi 3.500 Männer a 500 Fraen aus Lëtzebuerg an de Prisong oder ginn aus politeschen Ursaachen a Konzentratiounslager deportéiert. 800 ginn do ëmbruecht.

**Volksdeutsche Bewegung (VdB)** – D'*Volksdeutsche Bewegung* ass eng politesch Partei, déi den 13. Juli 1940 gegrënnt gëtt. Si huet als Zil, dass Lëtzebuerg en Deel vun Nazidäitschland gëtt, dohier och hir Devise: „Heim ins Reich". De Gauleiter Simon mécht aus hir eng Eenheetspartei, déi seng Politik ënnerstëtze soll. Hie mécht Drock op all erwuesse Leit, sech hir unzeschléissen. D'VdB ass um Gebitt vu ganz Lëtzebuerg present, bis an déi klengsten Dierfer, an iwwerwaacht d'Behuele vun der Bevëlkerung.

**Gestapo** – D'*Geheime Staatspolizei*, oder Gestapo, ass déi geheim Police vum nationalsozialistesche Regime. D'Lëtzebuerger benotzen de Begrëff awer fir all d'Déngschter vun der däitscher Police. Den Haaptsëtz vun der däitscher Police zu Lëtzebuerg ass d'Villa Pauly. Vill Prisonéier ginn do gefoltert.



Den Defilé vun der Hitlerjugend op der Place d'Armes, August 1942.





Zu Lëtzebuerg gëtt den totalitäre Staat och mat der Hëllef vu ville Lëtzebuerger duerchgesat, de bekanntste vun deene war den Damien Kratzenberg, de President vun der *Volksdeutschen Bewegung*.

## Wie sinn d'Lëtzebuerger Nazien?

D'Awunner vun de besate Länner, déi mam nationalsozialisteschen Däitschland zesummeschaffen, nennt ee „Kollaborateuren". Déi Radikaalst zu Lëtzebuerg sinn déi Prodäitsch, déi sech selwer als Däitscher ëmfannen. Si sinn et, déi d'VdB gegrënnt hunn, nach ier de Gauleiter op Lëtzebuerg kënnt. 4.000 vun hinnen trieden dono an d'nationalsozialistesch Partei an. Si droen dat traditionellt gielt Hiem, woufir si de Spëtznumm „Gielemännercher" kréien. Dës Prodäitsch sinn eng grouss Minoritéit an hëllefen dem Naziregime an sengem Bestriewen, de Rescht vun der Bevëlkerung ze kontrolléieren. Si verbreeden d'Nazipropaganda an iwwerwaachen hir Matbierger. Hir Informatiounen erlaben dem Besatzer Non-Konformisten, Oppositionneller a Resistenzler ze identifizéieren an ze verfollegen. Vun **1940** un engagéieren sech och op d'mannst 1.500 Bierger fräiwëlleg an den däitschen Arméien.



### E Lëtzebuerger Nazi

**kënnt aus einfache Verhältnesser, mee seng gutt Punkten erlaben him et, fir 1934 an den Athénée ze goen. Do begéint hien de Bouwe vun der Elite; muncheree bewonnert, wéi hien, den Adolf Hitler. Si grënnen eng rietsextreem Jugendorganisatioun, d'Luxemburger Volksjugend. No der Invasioun gëtt hie Member vun der VdB a verbreet Nazipropaganda. 1941 engagéiert hie sech als Fräiwëllegen an der Waffen-SS, dem radikaalsten Aarm vun den Arméie vum Drëtte Räich. Dräi Joer méi spéit gëtt hien zum Leutnant ernannt, wat hien zum am héchste Gestallte vun de lëtzebuergesche Fräiwëllege mécht. Nodeems d'sowjeetesch Arméi hie gefaange geholl huert, gëtt hie sech als Zwangsrekrutéierten aus a gëtt fräigelooss. Erëm zeréck zu Lëtzebuerg gëtt hie schliisslech erkannt a festgeholl. 1948 gëtt hien zu 10 Joer Prisong verurteelt a kritt d'lëtzebuergesch Nationalitéit ewechgeholl.**




Affichen, déi d'Lëtzebuerger dozou opruffen, nëmmen Däitsch ze schwätzen, 1940.


# 4. D'Rassepolitik

## Sinn d'Lëtzebuerger Däitscher?

D'Nazien huelen un, dass d'Lëtzebuerger Däitscher sinn, déi hire Bezuch zu deenen aneren Däitsche verluer hunn, well se d'Gewunnecht haten, Franséisch ze schwätzen an ze denken. De Gauleiter verbitt also de Gebrauch vun där Sprooch, souguer fir gängeg Wierder wéi „Merci“ oder „Awar“. Hien ordonéiert och, dass Nimm a Virnimm, déi Franséisch klénge, mussen an däitsch Nimm a Virnimm ëmgeännert ginn. Aus engem „Jean Meunier“ gëtt esou zum Beispill e „Johannes Müller“. Mee net aus all Lëtzebuerger gëtt esou e „richtegen“ Däitschen. Well verschiddener vun hinne gehéieren nämlech net zur däitscher „Rass“, sou wéi d'nationalsozialistesch Ideologie se definéiert, zum Beispill déi, déi italienescher, franséischer oder belscher Ofstamung sinn. Fir ze wëssen, wien als „richtegen“ Däitsche soll ugesi ginn, organiséiert de Gauleiter eng Vollekszielung.

**„Arier“ an „Net-Arier“** – An der rassistescher Ideologie vum Nationalsozialismus bezeechent „Arier“ e Member vun der „wäisser Rass“. Ënnert dëse bilden déi Däitsch d'*„Herrenrasse“*. „Net-Arier“ sinn déser Logik no Membere vu „mannerwäertege Rassen“. Dorënner fale besonnesch d'Judden.





Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941

Zählkarte für Ortsanwesende
(für alle Personen, eingetragen unter Abschnitt A der Haushaltsliste)

Vom Zähler auszufüllen
Kreis:
Gemeinde: Mamer
Wohnplatz (Ortschaft): Capellen
Straße und Hausnummer: Luxemburgerstr. Nr 6
Zählbezirk Nr.:
Haushaltsnummer: (d. i. lfde. Nr. in der Kontrolliste)
Zählkarte Nr.: (d. i. lfde. Nr. in der Haushaltsliste)

1. Familienname (Zuname): Kremer
bei Frauen Geburtsname:
Vorname (Rufname): Heinrich

2. Stellung zum Haushaltungsvorstand: Haushaltvorstand
(wie Spalte 2 der Haushaltsliste)

3. Familienstand: ~~ledig~~ verheiratet, ~~verwitwet, geschieden~~
(wie Spalte 5 der Haushaltsliste — Nichtzutreffendes streichen)
verheiratet mit: Emma Faubel
geborene:
geboren am: 7. Januar 1909
in: Dommeldingen

4. Geburtsjahr: 1908
Geburtstag: 8. Oktober
Geburtsort: Mamer
falls außerhalb Luxemburgs, Land und Kreis:
(wie Spalten 7 und 8 der Haushaltsliste)


5. Jetzige Staatsangehörigkeit: Letzebürger
(wie Spalte 10a der Haushaltsliste; Doppelstaater haben beide Staatsangehörigkeiten anzugeben.
Falls jetzige Staatsangehörigkeit nicht durch Abstammung erworben ist:
Art des Erwerbs (z. B. Option, Heirat):
Zeitpunkt des Erwerbs:
Etwaige frühere Staatsangehörigkeit:
Zeitpunkt des Verlustes:
(Dieser Raum bleibt frei)

6. Hauptberuf: Schlosser-Schmied
Stellung im Hauptberuf:
Nebenberuf(e):
(wie Spalte 11 der Haushaltsliste)
„ „ Nebenberuf:
Wo und bei wem beschäftigt: Hadir Differdingen
(wie Spalte 13 der Haushaltsliste)

7. Muttersprache: Letzebürgesch.
(In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, weil sie ihm am geläufigsten ist, z. B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. Doch kommen auch besonders bei Personen in gemischtsprachigen Gebieten Fälle von Doppelsprachigkeit vor. Kinder, welche noch nicht sprechen, und Stumme sind der Muttersprache der Eltern zuzuzählen. — Dialekte (Mundarten), z. B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache).

## Wéi ass aus der Vollekszielung vum 10. Oktober 1941 e „Referendum“ ginn?

Eng Vollekszielung erméiglecht engem Staat, seng Awunner ze zielen an hir perséinlech Donnéeën ze sammelen: Numm, Virnumm, Alter, Adressen, asw. Op de Formulairë vun der Vollekszielung vum **10. Oktober 1941** muss een och seng Nationalitéit, Mammesprooch a „Rass“ uginn an ob ee jiddesch ass oder net. D'Resistenz rifft dozou op, fir dës Froe mat „dräimol Lëtzebuergesch“ ze beäntweren. Si wëll esou aus deem, wat ursprénglech als Vollekszielung geduecht war, e „Referendum“ maachen, dat heescht eng Ofstëmmung iwwert d'Onofhängegkeet vum Land. Ganz vill Leit befollegen d'Uweisunge vun der Resistenz an dat, obwuel d'Gefor grouss ass, vun den Däitschen identifizéiert ze ginn. Wéi vill sinn et der? Genuch, fir dass d'Vollekszielung annuléiert gëtt. D'Resistenz huet gewonnen. No dëser Erniddregung léisst de Gauleiter 200 Resistenzler festhuelen. Zwee vun hinne ginn am Februar 1942 gekäppt.



Der Oberbürgermeister
020

Luxemburg, den

Betrifft: Verordnung über die Aenderung von Vor- und Familiennamen in Luxemburg, vom 31. 1. 1941.
Aenderung des Vornamens:

Auf Grund der oben erwähnten Verordnung müssen sämtliche ausländischen oder nichtdeutschen Vornamen geändert werden.

Ich bitte Sie, innerhalb 2 Tagen auf beiliegendem Formular einen Antrag auf Namensänderung zu stellen, andernfalls ich gegen Sie eine Erzwingungsstrafe festsetzen werde.

Der Antrag ist im Stadthaus, Paradeplatz, Eingang Genistersstrasse, Zimmer 11, abzugeben.


I. A.

## De Raymond Petit,



**1920 gebuer, ass Schüler am Iechternacher Kolléisch, wéi déi Däitsch d'Land iwwerfalen. Am September 1940 grënnt hie mat enger Handvoll Kolleegen eng Resistenzorganisatioun. No an no organiséieren si e Reseau an de Lëtzebuerger Schoulen a Lycéeën, hëllefe Leit, fir d'Land ze verloossen, verdeele Fluchblieder. Well hie sech verdächteg gemaach huet, muss de Raymond de Lycée verloossen, dat Joer, wou hie säi Premièresexamen hätt sollte maachen. Am Oktober 1941 hëlt hie ganz aktiv un der Campagne géint de „Referendum“ deel. Well déi Däitsch hannert him sinn, muss hie sech verstoppen. Hien ass bestänneg op der Sich no zouverlässege Persounen, bei deenen hie fir e puer Wochen ënnerkomme kann. Am Abrëll 1942 kënnt d'Gestapo him zu Bäerdréf op d'Spuer. Ier se hie kënne festhuelen, schéisst de Raymond sech am Alter vun 22 Joer an de Kapp.**

Antisemittesch Propaganda an der Vitrinn vun engem Geschäft an der Stad, 1940.



# 5. D'Juddeverfolgung



Naziparad virun der Lëtzebuerger Synagog, 1941.

## Wat ass d'Anti-Judde-Politik vum Gauleiter?

D'Drëtt Räich betruecht d'Judden als „mannerwäerteg Rass", als Feinde vun der däitscher „*Herrenrasse*". Gesetzer gi gestëmmt, fir si ze identifizéieren, si vun den Net-Judden ze trennen, hinnen hire Besëtz ewechzehuelen a se schlussendlech ze verdreiwen. Dës Gesetzer ginn zu Lëtzebuerg de **5. September 1940** publizéiert. Déi antisemittesch, dat heescht anti-jiddesch, Politik gëtt hei vum Gauleiter an der Gestapo organiséiert, verschidde lëtzebuergesch Verwaltungen wéi den Enseignement, d'Gemengen, d'Justiz oder d'Police kollaboréieren. Hir Roll ass et, d'Judden ze identifizéieren an opzeléschten. Si hëllefen och den Däitschen dobäi, fir jiddesche Besëtz ze confisquéieren an d'Judde vun de Schoulen a verschiddene Beruffer auszeschléissen. D'Zil vum Gauleiter ass et, Lëtzebuerg „*judenrein*" ze maachen, dat heescht, d'Judden ze eliminéieren, an dat esou séier wéi méiglech.




D'Klouschter op der Pafemillen (Cinqfontaines, *Fünfbrunnen*).





## Wat geschitt wärend der Occupatioun mat de Judden?

**1940** liewen ëm déi 4.000 Judden zu Lëtzebuerg. 980 vun hinne si Lëtzebuerger, 1.000 sinn Auslänner, déi virun 1933 agewandert sinn, déi aner si Flüchtlingen, virun allem däitscher an éistraichescher, déi no 1933 an d'Land komm sinn. Den Dag vum däitschen Iwwerfall verloosse méi wéi 2.000 vun hinne Lëtzebuerg a Richtung Frankräich an d'Belsch. Ëm déi 900 bréngen et fäerdeg, bis Mëtt Oktober **1941**, aus Lëtzebuerg fortzekommen. Dee Moment stoppen déi Däitsch all Emigratioun. Hiert Zil ass et elo net méi, d'Judden aus dem Land ze joen, mee se alleguer ëmzebréngen. En Deel vun hinne gëtt am beschlagnaamte Klouschter vu Cinqfontaines (Fünfbrunnen) versammelt, dat déi Däitsch zu engem Internéierungslager gemaach hunn. Um Enn ginn ëm déi 700 Judden, an engem Klima vun allgemenger Gläichgültegkeet, aus Lëtzebuerg an d'Ghettoen an d'Vernichtungslager deportéiert. Bal 600 anerer, déi sech a Frankräich oder an der Belsch a Sécherheet bruecht haten, erleiden dat selwecht Schicksal. Quasi all ginn am Kader vun der Shoah ëmbruecht.



D'Vernichtungslager Auschwitz-Birkenau.

**Vernichtungslager** – D'Vernichtungslager sinn Doudesfabricken, geduecht fir, un éischter Stell, d'Judden souwéi d'Roma, mee och sowjeetesch Krichsgefaangener an aner vun den Nazie verfollegt Gruppen auszeläschen, virun allem mat der Hëllef vu Gaskummeren ze ermorden. Déi Däitsch bauen hir néng Vernichtungslager op den haitege Gebidder vu Polen (6), Wäissrussland (2) a Litauen (1). Dat bekanntste Lager ass dat vun Auschwitz-Birkenau.

**Shoah** – Am Joer 1941 decidéieren d'Nazien dat jiddescht Vollek ze vernichten. Fir hir wierklech Absichten ze verheemlechen, gi se hirem Verbriechen de banalen Numm „*Endlösung der Judenfrage*". Zënterhier ass et ënnert dem Begrëff „Holocaust" an d'Geschicht agaangen, wat op griichesch „Affer" heescht, oder „Shoah", wat am Hebräeschen „Katastrof" bezeechent. Zwee Drëttel vun den europäesche Judden, also 6 Millioune Fraen, Kanner a Männer, ginn ëmbruecht.




Jiddesch Fraen a Kanner aus dem besaten Osteuropa kommen zu Auschwitz-Birkenau un.

### De René Oppenheimer

**huet 1940 10 Joer. De Buttek vu sengen Eltere gëtt confisquéiert, well si Judde sinn. Och hien däerf net méi an d'Schoul goen oder mat sengen net-jiddesche Frënn spillen. Wéi de Gauleiter de Judde verbitt Hausdéieren ze halen, gëtt him säin Hond ewechgeholl an ëmbruecht. Well säi Papp vun den Däitschen un d'Spëtzt vun der jiddescher Communautéit gesat gouf, bleift seng Famill bis 1943 zu Lëtzebuerg. Am Juni gi si zu Cinqfontaines internéiert, dono an d'Lager vun Theresienstadt, an der haiteger tschechescher Republik, deportéiert. Hie gesäit, wéi seng Mamm do vu Schwächt stierft. Am Oktober 1944 gëtt hie vu sengem Papp getrennt an an d'Lager vun Auschwitz transportéiert. Kuerz nodeems hien ukomm ass, gëtt hien an enger Gaskummer ëmbruecht.**


## Kaart vun de wichtegste Konzentratiouns- a Vernichtungslager

D'Nazien bauen an alle Regiounen ënnert hirer Kontroll Konzentratiounslager. An Osteuropa sinn dat och Vernichtungslager. Dës Kaart weist d'Ausmoosse vun dësem Netz mat Hëllef vun enger Auswiel vu Lager. D'Grenzen op der Kaart sinn déi haiteg.






# 6. D'Resistenz




D'„Todestiege" zu Mauthausen. Prisonéier gi forcéiert d'Träppleken erop ze klammen an dobäi schwéier Bléck aus Steen ze droen. Wie fält, rappt déi hannert sech mat.

## Wat heescht Resistenz?

Déi éischt Resistenzorganisatioune géint déi Däitsch entstinn am August-September **1940**, ënner anerem am Milieu vun de Scouten. Och wann si politesch ganz verschidden ausgeriicht sinn, sou si se sech all eens an hirem Zil: Lëtzebuerg ze befreien an him seng Onofhängegkeet erëmzeginn. Sech an der Resistenz engagéieren, dat heescht d'Wiel treffen, en totalitäre Regime ze bekämpfen, dee kee Matleed fir seng Géigner kennt. Dëse Choix, dee mat Zivilcourage getraff gëtt, ass geféierlech fir ee selwer an seng Famill. Wie sech engagéiert, gëtt verfollegt a muss bestänneg fäerte verroden ze ginn an um Enn an d'Konzentratiounslager, zum Beispill dat vun Hinzert, geschéckt ze ginn. Vill bezuelen hiert Engagement mat hirem Liewen. D'Resistenzler si jonk: 1940 huet d'Hallschent vun hinne manner wéi 26 Joer, 5% hunn esouguer manner wéi 16 Joer.

**Konzentratiounslager (KZ) –** Konzentratiounslager si Lager, an déi d'Drëtt Räich all déi aspäert, déi et als Feinden ugesäit, an der Reegel geschitt dat ouni Prozess. D'Zil vun deene Konzentratiounslager ass et, de Wëlle vun de Prisonéier ze briechen. Dat geschitt, andeems si ausgehéngert an duerch Aarbecht geschwächt ginn, andeems se geschloen oder willkürlech ëmbruecht ginn. Am Joer 1944 ginn et 1.000 Lager am besaten Europa. Zu deene gréissten zielen Dachau, Buchenwald, Natzweiler, Mauthausen oder, fir d'Fraen, Ravensbrück. An deenen Haaptlager ginn et Lëtzebuerger Deportéierter. D'Lager, an deem proportional déi meeschte Lëtzebuerger versammelt sinn, ass Hinzert, 25 km ëstlech vun Tréier. 1.560 Lëtzebuerger sinn do internéiert. 82 stierwen do.




Géigepropaganda vun der Resistenz zu Lëtzebuerg.



Lëtzebuerger, déi heemlech d'Land wëlle verloossen, begleet vun hire Passeuren. Dës Foto gouf geholl zu Limerlé, op der belsch-lëtzebuergescher Grenz, 1944.

## Wat sinn d'Haaptaktivitéite vun der Resistenz?

Am Ufank hëlleft d'Resistenz virun allem deene Leit, d'Land ze verloossen, déi direkt vun den Nazie bedreet ginn, an ënnerstëtzt d'Géigner vum Regime. Si sammelt och Informatioune fir d'Alliéiert a mécht Géigepropaganda, zum Beispill am Kader vun der Vollekszielung vum 10. Oktober 1941. D'Zwangsrekrutéierung verännert d'Resistenz. Si verstoppt a versuergt ëm déi 3.600 Deserteuren a Refraktären oder bréngt si iwwert d'Grenzen. Dat ass eng Leeschtung, wann ee bedenkt, dass d'Land kleng an enk iwwerwaacht ass, dass d'Liewensmëttel streng rationéiert sinn an dass all onerlaabt Passéiere vun der Grenz mam Doud bestrooft gëtt. Doduerch gewënnt d'Resistenz vill Ënnerstëtzung an der Populatioun. Déi desertéiert Zwangsrekrutéiert hunn dacks Waffen a Krichserfarung a ginn doduerch der Resistenz eng nei Dimensioun.



### *D'Madeleine Weis-Bauler*

**huet 1940 19 Joer. Si léiert fir Spill-schoulsjoffer ze ginn, mee fënnt keng Aarbecht, nodeems si refuséiert huet, fir Member an der VdB ze ginn. Si schléisst sech dofir awer enger Resistenzorganisatioun un. Nodeems si verrode ginn ass, flücht si a Frankräich a schléisst sech do der Résistance un. Am Joer 1944 gëtt si wärend enger Missioun a Loutrengen op der Gare vun Conflans-Jarny verhaft. Si kënnt an d'Villa Pauly, wou si vun der Gestapo verhéiert gëtt. No engem Mount Prisong am Gronn gëtt si an Däitschland deportéiert a passéiert verschidde Konzentratiounslager, ënnert anerem déi vu Ravensbrück a Bergen-Belsen. An hire Memoiren, déi 2002 veröffentlecht goufen, beschreift si, wéi schrecklech d'Liewensëmstänn an deenen zwee Lagere waren, besonnesch an deene leschten zwee Krichsméint.**

# 7. D'Zwangsrekrutéierung


BEKANNTMACHUNG!

DAS STANDGERICHT

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt:

KONS, Nikolaus Johann,
MEIERS, Karl,
EWEN, Josef,
BRÜCK, Alfred,
LOMMEL, Cölestin,
WEETS, Alfons,
SCHNEIDER, Johann Peter,
TOUSSAINT, Ernst,
BETZ, Nikolaus,

Die Urteile wurden heute um 4.30 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.

Der Vorsitzer des Standgerichts.

Proklamatioun vun enger Hiriichtung.

## Firwat wëllen d'Nazien iwwert d'Lëtzebuerger Jugend bestëmmen?

Den Naziregime konzentréiert sech virun allem op déi Jonk, well hien déi fir méi liicht beaflossbar hält, méi ëmfänglech fir seng Propaganda. Déi Däitsch brauchen och déi Jonk, well hinne méi a méi Aarbechter an Zaldote feelen. Am Juni 1941 sinn si an d'Sowjetunioun agefall; am Dezember 1941 hunn si de Vereenegte Staaten de Krich erkläert. De fräiwëllege *Reichsarbeitsdienst* (RAD) gëtt zu Lëtzebuerg am Februar **1941** ageféiert. Well sech awer manner Jugendlecher mellen, wéi erhofft, gëtt den RAD dräi Méint méi spéit obligatoresch. Den 30. August **1942** gëtt och den Déngscht an der Arméi obligatoresch. E Groussdeel vun de Lëtzebuerger wëllt net, dass seng Kanner fir Däitschland stierwen. Den Dag dono trëtt d'Land an de Streik. D'Reaktioun vun den Nazien ass brutal. 125 vun deenen, déi gestreikt hunn, gi festgeholl. 21 ginn zum Doud verurteelt an exekutéiert. 260 Lycéesschüler ginn an Däitschland geschéckt, fir do „ëmerzunn" ze ginn.

**Reichsarbeitsdienst / Kriegshilfsdienst** – De Reichsarbeitsdienst (RAD) ass en Aarbechtsdéngscht vu sechs Méint fir Jongen a Meedercher vun 18 bis 24 Joer. E gëtt am Februar 1941 zu Lëtzebuerg ageféiert an dräi Méint méi spéit obligatoresch gemaach. Verschidde jonk Meedercher, déi am Reichsarbeitsdienst sinn, mussen dono och de Kriegshilfsdienst (KHD) absolvéieren, deen och sechs Méint dauert. 3.614 Lëtzebuergerinne sinn also wärend engem Joer zwangsrekrutéiert. 58 vun hinne stierwen. Vereenzelter vun den 312 Rekrutéierte spionéiere wärend hirer Zäit beim RAD zu Peenemünde fir d'Alliéiert d'Fabrikatioun vun de V1 a V2 Rakéiten aus.


Refraktären an engem Bunker.


Zwangsrekrutéiert am RAD wärend enger Übung, 1941.

## Wat ass d'Schicksal vun den Zwangsrekrutéierten?

Am Ganze ginn 10.200 jonk Lëtzebuerger tëscht 18 a 24 Joer fir déi däitsch Arméi zwangsrekrutéiert. Ëm déi 2.848 stierwen oder ginn an der däitscher Uniform als vermësst gemellt. Ongeféier 2.000 Refraktären entzéien sech vun Ufank un an ongeféier 1.500 desertéieren aus der däitscher Arméi. En Deel vun hinne geet iwwert d'Grenz, fir sech den alliéierten Arméien oder der Resistenz unzeschléissen. Ëm déi 2.000 sinn zu Lëtzebuerg verstoppt, ënner anerem an de Bunkeren. Net fir de Besatzer ze kämpfen, ass en haarden a schwéiere Choix fir déi jonk Leit. Hire Familljen dreet d'Ëmsiidlung an hinne selwer den Doud. Vill Deserteuren oder Refraktäre gi festgeholl an am Prisong oder dem Konzentratiounslager agespaart, dacks nodeems se verrode goufen. Iwwert 200 stierwen a Gefaangenschaft – 166 ginn exekutéiert. An der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 ginn am Prisong Sonnenburg (Słońsk) 91 Lëtzebuerger brutal higeriicht, dorënner och den Eugène Weiss.

Depart vun den Zwangsrekrutéierten op der Hollerecher Gare, 1942.



**Bunker** – Déi meescht Deserteuren a Refraktäre si bei Privatpersoune verstoppt, op Späicheren oder a Scheieren. Verschiddener sinn et awer och a Bunkeren, groussen ënnerierdesche Stoppen, ageriicht vun der Resistenz. Dee gréisste Bunker ass dee vun der Galerie Hondsbësch zu Nidderkuer, eng stëllgeluechte Minn, an där bis zu 122 Deserteuren a Refraktäre liewen.

**Zwangsrekrutéiert / Deserteuren / Refraktären** – Zwangsrekrutéiert nennt een déi jonk Lëtzebuerger, Männer a Fraen, déi tëscht 1920 an 1927 gebuer goufen, an déi hu missten an de Reichsarbeitsdienst (RAD) oder an déi däitsch Arméi goen. Deserteure sinn déi vun hinnen, déi fortgelaf sinn, nodeems si schonn am RAD oder an der däitscher Arméi waren. D'Refraktäre sinn déi, déi vun Ufank u refuséiert hunn, fir an den RAD oder déi däitsch Wehrmacht anzetrieden.



### De Jos Steichen

**ass 1942 Schüler am Institut Émile Metz zu Dummeldeng. Well hien um Streik geint d'Zwangsrekrutéierung deelhëlt, gëtt hie festgeholl. Der Doudesstrof entkënnt hien nëmmen, well hien nach mannerjäreg ass. Hie gëtt awer zwangsrekrutéiert an op d'Ostfront geschéckt. Zesumme mat engem Frënd desertéiert hien am August 1943. Allen zwee gi si an d'Lager vun Tambow a Russland geschéckt, an deem haaptsächlech net-däitsch Krichsgefaangener sinn. Do kommen si eréischt no engem ustrengende Foussmarsch vun 200 km, mat plakege Féiss, un. D'Liewenskonditiounen op der Plaz si grad esou fuerchtbar. D'Prisonéier gi mësshandelt an ausgehéngert. Am Wanter fält d'Temperatur an hire Baracke bis op -30 °C. 167 vun 1.012 Lëtzebuerger, déi zu Tambow agespaart sinn, stierwen do. De Jos iwwerlieft. Hie kënnt am November 1945 zréck op Lëtzebuerg.**

# 8. Widderstand



Lëtzebuerger, déi 1944 an der Äifel um Chantier vun der Reichsautobahn mussen Zwangsaarbecht leeschten.

## Wéi gëtt aus Resignatioun e gesellschaftleche Widderstand?

Am Summer 1940 huet sech e Groussdeel vun de Lëtzebuerger mat der Victoire vun den Däitschen offonnt. Och d'Juddeverfolgung léisst kaum Reaktiounen aus. D'Zwangsrekrutéierung dreift awer ab **1942** ëmmer méi Lëtzebuerger dozou, dem Besatzer net méi ze follegen oder sech him riichteraus ze widdersetzen. Ëmsou méi, well et an deem Moment esou ausgesäit, wéi wann d'Alliéiert kéinten d'Iwwerhand kréien. Am Oktober 1942 landen d'Amerikaner an d'Englänner an Nordafrika a verdreiwe progressiv déi däitsch Truppen. Am Februar 1943 ginn dës och vun der sowjeetescher Arméi bei Stalingrad geschloen. D'Zuel vun den Deserteuren a Refraktäre geet zu deem Zäitpunkt erop. Déi Prodäitsch, déi dem Besatzer hëllefen, hir Stoppen ze fannen, ginn ëmmer méi verhaasst an isoléiert. Am Juli **1944** erschéissen zwee Deserteuren de Chef vun der VdB vu Jonglënster. Am Géigenzuch exekutéieren déi Däitsch 10 Zwangsrekrutéiert, déi an den däitsche Prisongen agespaart waren.




Vun der Hollerecher Gare aus gi vill Lëtzebuerger Familljen ëmgesidelt.

## Wéi wëllt de Gauleiter de Widderstand Meeschter ginn?

Vun Ufank un dreet de Gauleiter Simon domat, déi Leit auszeweisen, déi sech dem Naziregime net ënneruerdnen. Vum Mäerz **1941** u gi 70 Persounen, déi hien als wéineg fiabel aschätzt, souwéi 50 Judden, festgeholl a forcéiert, fir um Chantier vun enger däitscher Autobunn ze schaffen. Nom Streik am September **1942** entscheet de Gauleiter sech fir Ëmsiidlungen. Déi Familljen, déi hien an déi Prodäitsch als onerwënscht aschätzen – déi Famille vun deenen, déi um Streik deelgeholl hunn, vun de Resistenzler, de politesche Responsabelen, den Deserteuren oder de Refraktären – ginn an Däitschland ëmgesidelt an duerch däitsch Familljen ersat. Am Ganze ginn eng 1.400 Familljen, also ëm 4.200 Persounen, ënner Zwang am Oste vum Reich ugesidelt. Hire Besëtz gëtt confisquéiert a si gi forcéiert, fir déi däitsch Krichsindustrie ze schaffen.



E Bus kënnt op Wolz eng Famill sichen, déi muss ëmgesidelt ginn.



### D'Catherine Federspiel-Wagner

**huet de 7. August 1940 35 Joer. Deen Dag gëtt hire Mann Nicolas vun der Gestapo festgeholl, zerschloen an dann an d'Konzentratiounslager Buchenwald deportéiert. D'Famill Federspiel gehéiert zu den Zeugen Jehovas, eng Relioungsgemeinschaft, déi vun den Nazie verfollegt gëtt, well si géint de Krich ass. Enn September 1942 kënnt d'Gestapo d'Ketty an hir Kanner sichen. Si hunn eng Stonn, fir eng eenzeg Wallis ze paken. De Rescht vun hirem Besëtz gëtt confisquéiert. Well si als „deutschfeindlich" agestuuft gëtt, gëtt d'Famill a Schlesien ëmgesiidelt (eng deemols däitsch Regioun, déi haut zu Pole gehéiert). D'Ketty a seng Kanner ginn duerch d'Ëmsiidlungslager vu Leubus, Flinsberg a Wartha. Wéi dëst Lager vun der sowjeetescher Arméi befreit gëtt, kënnen si endlech zeréck heem goen. Do fannen si den Nicolas erëm, deen d'Deportatioun iwwerlieft huet.**

***Ëmsiidlung*** – Mat Ëmsiidlung (dt. *Umsiedlung*) bezeechent een dat gewaltsaamt Verplanze vu Famille vu Géigner, Resistenzler, Deserteuren a Refraktären an den Oste vum Räich. Dës Famille koumen net nëmmen aus Lëtzebuerg, mee och dem Elsass oder Loutrengen. D'Zil war engersäits, d'Familljen ze bestrofen, an anersäits, d'Kanner an engem regimetreien, däitschen Ëmfeld opwuessen ze loossen a si esou – anescht wéi hir Elteren – zu treie „Volksgenossen" ze maachen. Fréier gouf d'Ëmsiidlung zu Lëtzebuerg och als „Deportation" bezeechent. Hautesdaags probéiert een awer kloer ze ënnerscheeden tëscht der Ëmsiidlung an der Deportatioun an d'Konzentratiouns- a Vernichtungslager.

# 9. D'Befreiung



Déi amerikanesch Panzere kommen iwwert d'Lëtzebuerger Grenz, September 1944.


## Wéi gesäit d'Enn vum Naziregime zu Lëtzebuerg aus?

Déi alliéiert Arméie landen de 6. Juni 1944 an der Normandie. Ënnert den Truppen, déi an de Wochen dono ukommen, ass d'Brigade Piron, déi aus belschen a lëtzebuergesche Fräiwëllege besteet. Paräis gëtt Enn August befreit. Déi Alliéiert kommen ëmmer méi no u Lëtzebuerg erun. Déi däitsch Beamte verloossen d'Land den 1. September. 10.000 Prodäitsch gi mat hinne mat, aus Angscht viru Konsequenzen. D'Liberatioun schéngt no. Zu Diddeleng gëtt se ze fréi gefeiert. An der Nuecht vum 1. op den 2. September starten déi Däitsch eng Strofaktioun, déi 6 Affer fuerdert. D'Amerikaner ereechen den **9. September 1944** de Grand Duché. Véier Deeg méi spéit hunn si bal d'ganz Gebitt befreit. De Krich ass allerdéngs nach laang net eriwwer.



## Wéi verleeft d'Ardennenoffensiv um Lëtzebuerger Buedem?

De **16. Dezember 1944** erliewen d'Lëtzebuerger e Schock. Déi Däitsch, déi sech zënter Méint zréckzéien, lancéieren eng Géigenoffensiv an den Ardennen. Ee vun hiren Ziler ass den Hafe vun Antwerpen, wou déi Alliéiert Noschub kréien. Den Nord-Oste vu Lëtzebuerg gëtt erëm besat a vu Kampfhandlunge schwéier getraff. Honnerten Ziviliste stierwen. Ganz Stied, wéi Iechternach, ginn zerstéiert. Déi Däitsch an déi Prodäitsch huelen hir Revanche: Resistenzler gi festgeholl, gefoltert an ëmbruecht. D'Amerikaner gi Mëtt Januar 1945 zum Géigenugrëff iwwer a befreien de gréissten Deel vu Lëtzebuerg bis Mëtt vum Mount. Den 12. Februar **1945** gëtt Veianen als lescht Stad am Land befreit. D'Ardennenoffensiv ass fir si déi bluddegst vum ganze Krich. Ëm déi 20.000 Amerikaner stierwen, ongeféier 5.000 zu Lëtzebuerg. Si sinn um Militärkierfecht vun Hamm begruewen.



Zerstéierungen zu Iechternach, 1945.



### De Marcel Ferring

**huet 15 Joer, wéi d'Amerikaner am September 1944 säin Duerf Tandel befreien. Fir déi éischte Kéier zënter Joren ësst hien erëm Schockela a fänkt un ze gleewen, dass d'Enn vum Krich no ass. Hien hofft dorop, dass säi Papp zeréckkënnt. Dësen ass vun den Däitsche wéinst sengen Aktivitéiten an der Resistenz festgeholl ginn a gouf an d'Konzentratiounslager vun Hinzert geschéckt. De 16. Dezember gëtt Tandel wärend zwee Deeg vun den Däitsche bombardéiert. Si erueweren d'Duerf zeréck, dat uschléissend vun den Amerikaner bombardéiert gëtt. De Marcel a seng Famill musse fortlafen. Wéi Dausende Leit aus dem Osten an Norde fannen si sech op de Stroossen erëm, matzen an de Kampfhandlungen, am besonnesch kale Wanter vun 1944-45. Nodeems si am Abrëll 1945 erëmkomm sinn, fannen si hiert Haus hallef zerstéiert vir.**

**Alliéiert / Axe –** Déi Alliéiert sinn d'Länner, déi d'Vertrieder vun der „Achse" bekämpfen, dat heescht Däitschland, Italien a Japan. Am Ufank vum Krich sinn déi alliéiert Staate Polen, Frankräich a Groussbritannien. D'Vereenegt Staaten an d'Sowjetunioun schléissen sech der Allianz 1941 un. D'Exil-regierunge vu verschiddene besate Länner, zum Beispill déi vun der Belsch oder Lëtzebuerg, gehéieren och zu den Alliéierten.




No der Ardennenoffensiv läit Klierf a Ruinen.

# 10. Eng gedeelte Gesellschaft

## Wat sinn déi politesch Ausernanersetzungen no der Liberatioun?

No der Liberatioun verwalt déi amerikanesch Arméi d'Land zesumme mat der *Unio'n*, der vereenter Beweegung vun de Resistenzorganisatiounen. D'*Unio'n* dreemt dovun, d'Land erëm opzebauen. Dofir wëll si fir d'éischt d'Gesellschaft epuréieren, dat heescht all déi bestrofen, déi si als Verréider ugesäit. Dorënner versteet si déi Prodäitsch, mee och d'Membere vun der politescher an ekonomescher Elite, déi wärend der Besatzung op hire Poste bliwwe sinn. Am Oktober huet d'*Unio'n* schonn 3.200 vermeintlech Kollaborateure festgeholl an agespaart. Dat féiert zu Spannunge mat der Regierung, déi Enn September 1944 aus dem Exil erëmkomm ass. Am Februar 1945 verlaangt d'Unio'n d'Demissioun vun der Regierung. Den 10. Mee 1945 mobiliséiert si an der Haaptstad 10.000 Mënschen. No dëser Muechtdemonstratioun zerfält d'*Unio'n* allerdéngs. Si ass sech ze vill oneens a mécht deene Suergen, déi sech virun allem d'Uerdnung zeréckwënschen.

Jonk Männer vun der Miliz, déi op den Träppleke vum Stadhaus zu Diddeléng poséieren.



Manifestanten, déi no der Liberatioun eng Bestrofung fir d'Kollaborateure fuerderen.




**Unio'n –** D'*Unio'n* vun de Fräiheetsorganisatiounen, oder *Unio'n*, ass déi eenheetlech Beweegung vun der Resistenz. Si gëtt den 23. Mäerz 1944 gegrënnt a versammelt 6 Méint méi spéit e Groussdeel vun de Resistenzorganisatiounen, vu lénks bis riets. Bei der Liberatioun huet si 15.000 Memberen an och eng arméiert Organisatioun, d'Miliz, déi zu engem groussen Deel aus Zwangsrekrutéierte besteet, déi desertéiert hunn.



E puer Prodäitscher goufen no der Befreiung gezwongen, duerch d'Stroosse vun der Stad ze marschéieren.

## Ginn d'Kollaborateure bestrooft?

D'Epuratioun, déi d'Unio'n verlaangt, gëtt schlussendlech vun der Regierung ëmgesat, déi aus dem Exil erëmkomm ass. Si hëlt zwou verschidde Formen un:

- Déi administrativ Epuratioun riicht sech un 18.000 Beamten a Vertrieder vu verschiddene Beruffsstänn. D'Urteeler si geheim an éischter mëll: Nëmmen 0,2 % vun den Ugeklote gi méi seriö bestrooft.
- Déi politesch Epuratioun ass méi haart. Si betrëfft 10.000 Persounen, déi beschëllegt ginn, prodäitsch ze sinn. 12 ginn zum Doud verurteelt; 1.300 ginn zu Prisongsstrofe vu méi wéi zwee Joer verurteelt a verléieren d'lëtzebuergesch Nationalitéit. Zesumme mat hire Famille sinn si eng Minoritéit, déi veruecht ass an isoléiert gëtt. De gréisste Deel vun hinne kritt seng Rechter erëuscht nom Vote vun den Amnestiegesetzer vun 1950 an 1955 erëm.

**Amnestie –** D'Amnestie ass e legalen Akt, deen zwar net dovunner ausgeet, dass d'Verbriechen ni geschitt ass, mee entscheet, dass et net méi däerf ernimmt ginn an dass d'Strof annuléiert gëtt. Et ass u sech d'Flicht ze vergiessen. Zu Lëtzebuerg gëtt d'Amnestiegesetz vun 1950 deene Lëtzebuerger hir Nationalitéit erëm, déi am Kader vun der politescher Epuratioun zu méi wéi zwee Joer Prisong verurteelt gi waren. Duerch d'Gesetz vun 1955 gëtt de Groussdeel vun deenen, déi nach ëmmer am Prisong souzen, entloosst.



Defilé vun der Unio'n zu Lëtzebuerg, den 10. Mee 1945.



### Eng Collaboratrice

**1940 huet d'S. aus dem Éislek 31 Joer. Si huet mat hirem Mann, engem Däitschen, dräi Kanner. Ganz fräi schléisst si sech der NS-Frauenschaft un, enger nationalsozialistescher Fraenorganisatioun, fir déi si Propaganda mécht. No der Befreiung vun hirem Duerf am September 1944 gëtt hire Mann wéinst Kollaboratioun ugeklot a festgeholl. D'Fënsterscheiwe vun hirem Haus gi mat Steng ageschloen. Wéi déi Däitsch d'Stad wärend der Ardenneschluecht erëm anhuelen, gesäit si eng Méiglechkeet, fir sech ze rächen a verréit zwee vun hiren Noperen, déi si fir d'Schicksal vun hirer Famill no der Liberatioun responsabel mécht. Ee vun de Männer, déi si verroden huet, stierft bei der Deportatioun. Am Joer 1947 gëtt hir de Prozess gemaach. Si gëtt zu 20 Joer Prisong verurteelt a verléiert d'lëtzebuergesch Nationalitéit.**

# 11. Eng Vergaangenheet, déi nach ganz present ass



E fréieren Deportéierten demonstréiert fir d'*Unio'n* op der Maniff vum 10. Mee 1945.

## Wat ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg nom Enn vum Krich?

Den **8. Mee 1945** ass de Krich an Europa eriwwer. D'Freed ass grouss, mee de Bilan ass fuerchtbar. Zu Lëtzebuerg sinn en Drëttel vun den Infrastrukturen (Stroossen, Brécken, Haiser, asw.) zerstéiert. Iwwer 8.100 vu sengen Awunner sinn dout. Dausend anerer kommen no an no heem. De Schock ass grouss iwwert den ofgemoerten Zoustand vun deenen, déi am KZ waren. Dausende vu Prodäitscher, déi am September 1944 fortgelaf waren, ginn hirersäits vernannt an ugespaut, wéi si zeréck op Lëtzebuerg kommen. Déi Lëtzebuerger Judden, déi d'Shoah iwwerlieft hunn, kënnen erëmkommen, déi auslännesch Judden dogéint nëmmen a limitéierten Zuelen. Och d'Schicksal vun de lëtzebuergesche Krichsprisonéier a Russland provozéiert d'Roserei géint d'Regierung, där virgeworf gëtt, net genuch ze maachen, fir si ze rapatriéieren. Déi lescht Prisonéier kommen eréischt am Joer **1948** heem.

## Wat fir eng offiziell Unerkennung kréien déi verschidde Gruppen nom Krich?

De Krich huet vill Mënschen traumatiséiert an dem Land schmäerzhaft Erënnerungen hannerlooss. D'Erënnerung un d'Kollaboratioun gëtt komplett ënnerdréckt. D'Resistenzler hirersäits kréien offiziell Unerkennung. 1.352 vun hinne kréien den Titel „Resistenzler" an eng Rent als *anciens combattants*. Hir verstuerwe Memberen gëllen als „morts pour la patrie". D'Zwangsrekrutéiert kréien eréischt **1981** de selwechte Statut als „Opfer vum Nationalsozialismus" (*victimes du nazisme*) an déi selwecht Entschiedegung wéi d'Resistenzler, nodeems si sech Joerzéngte laang dofir agesat hunn. D'Entschiedegunge bleiwen de Lëtzebuerger virbehalen, wat 75 % vun de Judden ausschléisst, déi 1940 Auslänner sinn. Si hunn also kee Recht op Reparatioun. **2015** entschëllegt sech d'Regierung offiziell bei der jiddescher Communautéit fir d'Kollaboratioun vu verschiddene Representante vun de staatleche Verwaltungen.

D'Äsche vu Lëtzebuerger Deportéierten, déi an Däitschland gestuerwe sinn, kommen zeréck op Lëtzebuerg, 1945.



D'nationaalt Streikmonument zu Wolz gouf 1956 ageweit an erënnert un de Streik vun 1942.





D'„Kaddish" Monument gouf 2018 an der Stad ageweit an erënnert un d'Affer vun der Shoah.



D'Nationalmonument vun der Lëtzebuerger Solidaritéit gouf 1971 ageweit an erënnert un all d'Affer vum 2. Weltkrich.

## Wéi kann een déi schmäerzhaft an deelweis géigesätzlech Erënnerungs-kulturen zesummebréngen?

Nom Krich grënnen d'Resistenzler, d'Zwangsrekrutéiert a méi spéit och d'Affer vun der Shoah verschidde Vereenegungen. D'Zil ass et, fir ëm hir Doudeg ze traueren, mee och, sech dofir anzesetzen, dass hir Rechter an d'Erënnerung un dat Erlieftent unerkannt ginn. Vill vun dësen Organisatiounen gi bis haut an 2. oder 3. Generatioun gedroen. De Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich (*Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale*) gëtt vun der Lëtzebuerger Regierung duerch d'Gesetz vum 21. Juni 2016 geschaf. Säin Optrag ass et, souwäit wéi méiglech, déi verschidden Erënnerungskulturen, déi dacks schmäerzhaft an ënnerschiddlech sinn, mateneen ze versönen. Dëse Comité vertrëtt beim Staat d'Interesse vun de Resistenzler, den Zwangsrekrutéierten, der jiddescher Communautéit an den Affer vum Zweete Weltkrich am Allgemengen. Seng Memberen hunn och d'Missioun, d'Erënnerung lieweg ze halen. Si huelen un der Organisatioun vun offizielle Gedenkfeiere fir den Zweete Weltkrich deel.

# D'Stellung vum Zweete Weltkrich an der Lëtzebuerger Geschicht

**Den Zweete Weltkrich huet déi lëtzebuergesch Gesellschaft déif markéiert. En huet si mat véier trageschen Erfarunge konfrontéiert:**

## Déi friem Besatzung

Virum Krich ass et de Wonsch vun der grousser Majoritéit vun de Lëtzebuerger, an engem onofhängege Staat ze liewen. Nom Iwwerfall vum 10. Mee 1940 fänken déi Däitsch un, dëse Staat ze zerstéieren, fir Lëtzebuerg an Däitschland ze integréieren. D'Nazie ginn effektiv dovunner aus, dass de Groussdeel vun de Lëtzebuerger a Wierklechkeet Däitscher sinn, déi sech hire Wuerzelen net méi bewosst sinn. Als Reaktioun entstinn déi éischt Resistenzorganisatiounen.

## Den Totalitarismus

Nazidäitschland ass en totalitäre Regime: en diktatoreschen a brutale Staat, dee senge Bierger keng Fräiheet léisst. Déi ideal Gesellschaft soll reng däitsch a nationalsozialistesch sinn. Alleguer déi, déi do net hir Plaz hunn, ginn eliminéiert. Jiddesch Matbierger ginn ausgewisen an dono ëmbruecht. Resistenzler ginn a Konzentratiounslager deportéiert, aus deene vill guer net oder staark geschwächt erëmkommen. Déi Famillen, deenen de Naziregime net traut, ginn an Däitschland „ëmgesidelt" an doheem duerch Däitscher ersat.

## De Krich

Dat neutraalt Lëtzebuerg geréit an de Krich. No der franséischer Nidderlag resignéieren déi meescht Lëtzebuerger a fannen sech mat enger däitscher Victoire of. Mee Groussbritannien leescht Widderstand. De Konflikt kritt e ganz anert Gesiicht, nodeems d'Sowjetunioun, am Juni 1941, an dono d'Vereenegt Staaten, am Dezember 1941, an de Krich agetrueden sinn. Nodeems déi Däitsch déi jonk Lëtzebuerger forcéieren, an hir Arméi anzetrieden a fir Däitschland ze kämpfen an ze stierwen, decidéiert e groussen Deel vun der Populatioun Widderstand ze leeschten. Vill bezuelen hir Entscheedung mat hirer Fräiheet oder mat hirem Liewen. Wéi sech d'Enn vum Krich schonn undeit, do ginn de Norden an Oste vum Land vun der Ardenneschluecht schlëmm getraff.

## D'Oneenegkeet

Eng net onbedeitend Minoritéit vu Lëtzebuerger ënnerstëtzt den Naziregime. Déi prodäitsch Gesënnten iwwerwaachen hir Matbierger, verroden a verfollege Resistenzler an Zwangsrekrutéierter, déi sech dem Militärdéngscht entzéien. D'Resistenzler haassen déi Prodäitsch; vill vun hinnen hunn och eng Roserei op d'Exilregierung an d'Elitten, deenen si Feigheet virwerfen. D'Befreiung ass e grousse Glécksmoment, mee et gëtt och Roserei a Schmäerz. Déi offiziell Geschichtsschreiwung huet laang virun allem d'Eenegkeet vun de Lëtzebuerger an hirem Kampf géint d'Nazibesatzung betount. Dës Erzielung huet awer deelweis ënnerschiddlech Forme vum Erënneren net zougelooss – wat och Joerzéngten dono nach e wonne Punkt ass.

1939 – 1940 – 1941 – 1942 – 1943 – 1944 – 1945




**1. SEPTEMBER 1939**
*Däitschland iwwerfällt Polen. Et ass den Ufank vum 2. Weltkrich an Europa.*




**10. MEE 1940**
*Däitschland iwwerfält Holland, d'Belsch a Lëtzebuerg.*




**22. JUNI 1940**
*Frankräich kapituléiert. Zwee Drëttel vu sengem Territoire gi besat.*


**13. JULI 1940**
*Grënnung vun der Volksdeutschen Bewegung.*



**2 AUGUST 1940**
*De Gauleiter Simon kënnt zu Lëtzebuerg un.*

**5. SEPTEMBER 1940**
*Déi anti-semitesch Gesetzer vum Drëtte Räich ginn zu Lëtzebuerg ageféiert.*

**AUGUST / SEPTEMBER 1940**
*Grënnung vun den éischte Resistenzorganisatiounen.*



**12. FEBRUAR 1941**
*Den RAD gëtt zu Lëtzebuerg ageféiert.*

**23. MEE 1941**
*Den RAD gëtt obligatoresch.*




**22. JUNI 1941**
*Däitschland gräift d'Sowjetunioun un.*

**21. SEPTEMBER 1941**
*D'lëtzebuergesch Sektioun vun der NSDAP gëtt gegrënnt.*

**10. OKTOBER 1941**
*De Gauleiter annuléiert de Recensement.*

**16. OKTOBER 1941**
*Éischte Convoi vun déportéierte Judden a Polen.*




**7. DEZEMBER 1941**
*De japaneschen Ugrëff op déi amerikanesch Flott zu Pearl Harbor. D'USA trieden an de Krich an.*

**23. JANUAR 1942**
*Déi éischt Lëtzebuerger, déi nom Recensement vum Oktober 1941 verurteelt goufen, ginn higeriicht.*





**30. AUGUST 1942**
*Aféierung vun der Zwangsrekrutéierung. Den Dag drop brécht e grousse Streik aus.*



**17. SEPTEMBER 1942**
*Déi éischt lëtzebuergesch Familljе ginn „ëmgesidelt".*

**2. FEBRUAR 1943**
*Déi däitsch Nidderlag zu Stalingrad.*






**23. MÄERZ 1944**
*Grënnung vun der Unio'n vun de Fräiheetsorganisatiounen.*



**9. SEPTEMBER 1944**
*D'Amerikaner komme bis an de Grand Duché.*

**23. SEPTEMBER 1944**
*D'Exilregierung kënnt zréck op Lëtzebuerg.*



**16. DEZEMBER 1944**
*Ufank vun der Ardennenoffensiv.*



**14. ABRËLL 1945**
*D'Groussherzogin kënnt zréck op Lëtzebuerg.*

**8. MEE 1945**
*Bedéngungslos Kapitulatioun vun Däitschland. Den 2. Weltkrich ass an Europa eriwwer.*




**2. SEPTEMBER 1945**
*Bedéngungslos Kapitulatioun vu Japan. Den 2. Weltkrich ass elo och an Asien eriwwer.*



## Impressum

Den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg

1. Oplag 2020
© Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale,
Villa Pauly, 57 Boulevard de la Pétrusse, 2320 Luxembourg

All Rechter virbehalen.

Koordinatioun: Historical Consulting Sàrl
Texter: Vincent Artuso, déi zwee Aarbechtsgruppe vum CM2GM: commémoration a sensibilisation et éducation, de Service Mémoire vum Ministère d'État, den Zentrum fir politesch Bildung
Lëtzebuergesch Iwwersetzung: Claudine Muno

Konzeptioun & Realisatioun: binsfeld
Illustratiounen a Kaarten: Mich Geimer

Drock: Imprimerie Centrale

Dës Broschür gouf och op Däitsch, Franséisch an Englesch publizéiert.

Quellen:

**Coverfoto** Coll. Nelly Hallé-Artois: Charles & Jos Artois, 1945; Photothèque de la Ville de Luxembourg, Onbekannt, 1940 (*uewen*); Photothèque de la Ville de Luxembourg, Tony Krier, 1944; Archives nationales du Luxembourg, **10** Affiche, **20** Affiche Bundesarchiv (Däitschland), **18** *(uewen)*; Collection privée, **13** (*ënnen*); Everett Historical, Shutterstock, **7**; Lëtzebuerg City Museum, **6**; Luxemburger Wort, **24** *(uewen)*; Musée national de la résistance, **11** *(riets)*, **12** Dokumenter, **18** *(ënnen)*, **19**, **20-21**, **22**, **23**, **24** *(lénks)*; Państwowe Muzeum Auschwitz-Birkenau (www.auschwitz.org), **15** *(uewen)*; Photothèque de la Ville de Luxembourg, **8** Onbekannt, 1940, **9** Onbekannt, 1940 *(uewen)*, **9** Tony Krier, 1940 *(ënnen)*, **10** Onbekannt, 1942, **10-11** Onbekannt, 1942, **12** Batty Fischer, 1940, **13** Onbekannt, 1940, **14** Tony Krier, 1941 *(uewen)*, **20** Roger Weitzel, 1942 *(ënnen)*, **21** Tony Krier, 1941 *(riets)*, **24** Tony Krier, 1944 *(ënnen)*, **25** Pierre Bertogne, 1945 *(uewen)*, **28** Pierre Bertogne, 1945 *(ënnen)*; United States Holocaust Memorial, **15** *(ënnen)*; Service information et presse du gouvernement luxembourgeois, **29**; Tageblatt, **25** *(ënnen)*, **26** *(riets)*, **27**, **28** *(uewen)*.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Comité pour la mémoire de la
Deuxième Guerre mondiale

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Service de la mémoire de la
Deuxième Guerre mondiale

ZpB
Fondatioun
Zentrum fir
politesch Bildung